Infoblat MOIEN 2023

Eng Bréck fir eis Sprooch a.s.b.l.

2005 • 2023 — INFOBLAT Nr. 26 — DEZEMBER 2023



D'Moien ASBL ass 2023 mat frëschem Elan gestart.
Den neie Kommitee setzt sech zesummen aus:

Denise Heiderscheid, Presidentin
Chantal Philipp, Tresorière
Stéphanie Sanchez, Sekretärin
Nadia Lassine, Sekretärin
Jeannine Weis, Member
Theodora Todorova, Member
Stephanie Ternes, Member

## Abléck an d'Aarbecht vun der Moien ASBL

an Zesummenaarbecht mam SFA

**SFA – Service de la Formation des Adultes**
**GICEA – Gestion Informatisée des Cours d'Education des Adultes**

**Verdeelung vun den Aufgaben**

- **D'Denise** engagéiert sech fir d'Organisatioun an d'Coordinatioun tëschent den Apprenanten, de Formateuren, dem SFA an dem GICEA.

- **D'Monique** ënnerstëtzt d'Denise an alle Beräicher.

- **D'Gaby** féiert d'Chantal an d'Tresorie an a si bekëmmere sech ëm
  - d'Konten,
  - d'Bezuele vun de Facturë vun de Formateuren um Enn vun all Sessioun,
  - d'Bezuele vun de Fraisen,
  - d'Opstellung vun de Facturë vun den Intra-Entreprisen,
  - d'Remboursementer vun de Schüler,
  - d'Ausstelle vun de Reçue fir d'Schüler,
  - den Decompte vum SFA,
  - de Rapport vun de Konte vum Aktivitéitsjoer.

- **D'Sonja**
  - schreift d'Apprenante mam „tarif réduit" an de GICEA an (ëm 500 Aschreiwungen),
  - stellt d'Lëscht mat den Apprenante pro Sessioun an d'Lëscht mat de Bongen op,
  - schreift d'Attestatiounen an d'Confirmatioune vun all Sessioun,
  - dréckt d'Certificaten eraus a verschéckt se um Enn vun all Sessioun.

- **D'Manette** mécht d'Aschreiwunge vum „plein tarif" am GICEA (ëm 500 Aschreiwungen)

- **D'Stephanie Sanchez**
  - schreift d'Invitatiounen an d'Rapporte vun de Kommiteessëtzungen an der Generalversammlung,
  - aktualiséiert d'Memberslëscht,
  - verschéckt d'Memberskaarten,
  - mécht d'Aschreiwung vun de Coursen an de GICEA.

- **D'Nadia** hëlleft beim Beäntwere vun den E-Mailen.

- **D'Danielle** an **d'Annette** kontrolléieren d'Keess vun der Moien ASBL.

- **D'Danielle** hëlleft dem Denise bei der Codéierung vun de Coursen am Gicea.

- **D'Annette** kontrolléiert d'Orthografie vun den Texter vum Infoblat.

- **De Gilbert** hëlleft dem Denise bei der
- PowerPoint-Presentatioun vum Orthografiescours,
- Opstellung vun de Literaturwierker,
- PowerPoint-Presentatioun an dem Exposé vum Dall vun de siwe Schlässer,
- Korrektur vum Genre (M, F, N) an der Lëtzebuerger Sprooch,
- Redaktioun vum Infoblatt.

**Allgemengen Aarbechtsprogramm iwwert d'Joer**

1. Sessioun

   - Opstellung vun de Coursë mat Hëllef vun de Formateuren
   - Codéierung vun de Coursen an de Kompetenzen
   - Publikatioun um www.moienasbl.lu vun der Offer vun de Coursen
   - Ofschloss vun der 1. Sessioun am Dezember 2023
   - Verschécke vun de Certificaten
   - Verschécke vun de Kompetenzen

2. Sessioun

   - Aluedung un d'Formateuren an d'Apprenante fir d'2. Sessioun
   - de Programm vun der 2. Sessioun um Moie-Site publizéieren
   - Aschreiwunge vun der 2. Sessioun vum 1.11.23 un
   - d'Confirmatioune vun der 2. Sessioun preparéieren
   - de Formateuren d'Lëscht vun alle Schüler (2. Sessioun) schécken
   - Verschécken vun der Lëscht vun de Mifa-Bongen un d'Formateuren am Februar

3. Summerprogramm

   - Opstellung a Publikatioun vun de Summer-Intensivcoursen den 1. Abrëll op www.moienasbl.lu
   - Aschreiwunge vun den Apprenanten
   - Verschécke vun der zweeter Konfirmatioun un d'Apprenanten
   - Opstellung a Verschécke vun de Certificaten
   - Verschécke vum Bilan vun de Kompetenzen
   - Opstellung vun de Coursen, der Lëscht vun den Apprenanten an de Bongen
   - Um Enn vum Schouljoer Opstellung vum Bilan financier final

## Schouljoer 2022–2023

### Convention de subvention a Label de qualité

De Ministère de l'Education nationale, Service de la Formation des Adultes huet eng Conventioun mat der Moien ASBL ofgeschloss.

- Label de qualité: CLQ 2022-2023 1074
- Convention de subvention: CA 2022-2023 1075

### Coursen an Apprenanten

- **2** Sessiounen a Summerintensivcoursen
- **60** Coursë vum Niveau A 1.1 bis B 2
- **1009** Apprenanten (**316** Männer a **693** Fraen) hunn deelgeholl
- Si koumen aus **87** verschiddene Länner
- Déi meescht waren an der Altersgrupp vun **30–49** Joer ageschriwwen
- **702** Certificatë si vum SFA ausgestallt ginn
- **16** Formatricen a Formateuren hu fir d'Moien ASBL Coursë gehalen
- **317** hu sech am nächste Schouljoer erëm ageschriwwen
- **362** ware mam Tarif réduit agedroen

## Formateure vun dësem Schouljoer

| Numm | Coursen |
|---|---|
| Chantal | **3** |
| Christiane | **3** |
| Denise | **1** |
| Lydia | **4** |
| Manette | **8** |
| Marianne K. | **1** |
| Marie | **2** |
| Marie-Josée | **4** |
| Miriam | **2** |
| Monique S. | **3** |
| Natalie H. | **3** |
| Nathalie Sch | **5** |
| Nuno | **5** |
| Simone | **2** |
| Stéphanie S. | **2** |
| Stéphanie T. | **4** |
| Teodora | **5** |
| 0 | **57** |

## Statistiken aus dem GICEA

- **Apprenanten – Männer a Fraen**
  *Am Schouljoer 2022–2023 hu sech **1009 Apprenanten** a **60 Coursë** vun der Moien ASBL ageschriwwen. Dat sinn 107 **Apprenantë** méi wéi am Schouljoer 2021–2022.*

**2022/2023 – Nombre de cours par catégorie (ASBL)**

| Catégorie | Nombre de cours | Catégorie | Hommes | Femmes | Total |
|---|---|---|---|---|---|
| LANGUES | 60 | LANGUES | 316 | 693 | 1009 |

- **Apprenanten – Alter**
  *Déi meescht Apprenantë sinn an der Altersgrupp vun 30–49 Joer.*

**2022/2023 – Nombre d'inscrits par statut d'organisateur, par tranche d'âge et par sexe**

| < 18 | | 18–29 | | 30–49 | | > 50 | | Total | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| H | F | H | F | H | F | H | F | H | F | Total |
| 0 | 2 | 39 | 71 | 226 | 501 | 51 | 119 | 316 | 693 | 1009 |

- **Apprenanten – Certificaten ausgestallt vum SFA**
  *De Ministère huet 7**02 Certificaten** am Schouljoer 2022–2023 ausgestallt.*

**2022/2023 – Nombre de certificats délivrés par statut d'organisateur et par sexe**

| Statut | Hommes | Femmes | Total |
|---|---|---|---|
| ASBL | 216 | 486 | 702 |

D'Moien ASBL huet zur Zäit **110 Memberen.**

### Schouljoer 2021–2022:

| Coursen 2021–2022 | Zäit | Coursë via Zoom | Coursen am Sall | Coursen am Total | Stonne pro Cours | Niveau |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Jores-Sessioun 1** | 09.21 – 12.21 | 13 | 7 | 20 | 46 | A1.1 – B1.2 |
| Conversatiounscours | 09.21 – 04.22 | 0 | 1 | 1 | 50 | B2 |
| Orthografiescours | 10.22 – 12.22 | 0 | 1 | 1 | 10 | avancés |
| **Jores-Sessioun 2** | 01.22 – 05.22 | 16 | 7 | 23 | 46 | A1.1 – B1.3 |
| **Summer-Sessioun** | 06.22 – 07.22 | 12 | 5 | 17 | 46 | A1.1 – B1.3 |
| **TOTAL:** | | 41 | 21 | **62** | | |
| **TOTAL Apprenanten: 1007** | | | | | | |

Am Verglach zu anere Joren

| | 2018-2019 | 2019-2020 | 2020-2021 | 2021-2022 |
|---|---|---|---|---|
| Jores-Sessiounen | 2 | 2 | 2 | 2 |
| Summer-Sessioun | 1 | 1 | 2 | 1 |
| Nationalitéitscoursen | 3 | 1 | 1 | 0 |
| Conversatiounscoursen | 1 | 3 | 1 | 1 |
| Orthografiescoursen | 0 | 0 | 2 | 1 |
| Coursen | 62 | 50 | 59 | 62 |
| Schüler | 974 | 838 | 902 | 1007 |
| Nationalitéiten | 84 | 79 | 80 | 79 |

Statistiken aus dem GICEA

Opdeelung vun den Apprenantë bei MOIEN ASBL

| année scolaire | nombre de cours | hommes | % | femmes | % | total des participants |
|---|---|---|---|---|---|---|
| 2018/2019 | 62 | 360 | 37 | 614 | 63 | 974 |
| 2019/2020 | 50 | 326 | 39 | 512 | 61 | 838 |
| 2021/2021 | 59 | 326 | 36 | 576 | 64 | 902 |
| 2021/2022 | 63 | 308 | 31 | 699 | 69 | 1007 |

## 35. Formateursdag

Léif Formateuren,

mir invitéieren iech ganz häerzlech op ee vum ZLS organiséierte Formateursdag,
e **Samschdeg, de 17. Juni um 9:00 Auer**
**am ZLS** (Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch) 163, Rue du Kiem, 8030 Stroossen

**Programm vum Dag:** ***Moies vun 9:00 bis 12:00***

**1. Stonn:**

De finalen Test vun der Zertifizéierung vun der Lëtzebuerger Orthografie (Zertifikat ZLO) Et gëtt e Lückentext-Diktat op Pabeier gemaach an 90 Froen an der Orthografie um iPad, déi och anonym beäntwert ginn. Dir kritt um Enn äert Resultat gewisen. Wéi schwéier ass den Test? Fannt et eraus, andeems der matmaacht!

**2.Stonn:**

Schreifmaschinn.lu: Lëtzebuergesch Sproocherkennung. Aféierung an dëse Speech-to-text-Programm fir d'Lëtzebuerger Sprooch. E staarken Tool, deen d'Lëtzebuergescht an eng nei Dimensioun féiert.

**3. Stonn:**

Vum Reenert bis de Lëtzebuerger Wuertschatz:
D'Publikatioune vum ZLS riichte sech un e breede Publikum. Niewent dem Dictionnaire, deen d'Publikatioune fiddert an deen och vun hinne gefiddert gëtt, riichte mer eise Bléck op déi sëlleg Projeten, déi an deem Kontext entstinn.

**Mellt iech wgl. bis den 31. Mee 2023 un op (Max. Unzuel vu Participanten: 20)**
**moienasbl@pt.lu**.

Denise Heiderscheid
fir de Comité vu Moien - Eng Bréck fir eis Sprooch ASBL

Mir freeën eis, d'Ekipp vum ZLS an iech op dësem Formateursdag erëmzegesinn!
Mir wiere frou, wann dir duerno mat eis iesse goe kéint. Sot eis wgl. Bescheed!

## 36. Formateursdag

Lëtzebuerg, de 25. Oktober 2023

Léif Formateuren,

mir invitéieren iech ganz häerzlech op eisen 33. Formateursdag,

**E SAMSCHDEG, DEN 11. NOVEMBER UM 8:30 AUER MAM JEANNINE WEIS       ADRESS: 2, im Bongert L-5964 Izeg.**




**Programm vum Moien:**
8:30 – 9:00 Kaffi a Croissant
9:00 Virstellung vum Buch: Wat ass geschitt?
Band 1 mat uschléissendem Workshop
10:30 Coaching

**Léiere mat alle Sënner** – Wat bréngt dat dem Formateur an och dem Schüler?
Hei gëtt unhand vu praktesche Beispiller gewisen, wéi en Notzen dat fir beid Parteie kann hunn a wéi een dat am Alldag a senge Coursë kann abauen, onofhängeg dovun, ob de Cours a Präsenz oder iwwer Zoom ofgehale gëtt.
E puer hëllefräich Tipps fir mat op de Wee.
Uschléissend  Zäit fir Froen an Austausch.

12:00 Auer Ofschloss
12:30 Treffpunkt: Restaurant Bacano zu Hesper, 372 B, route de Thionville.

**Mellt iech wgl. bis spéitstens de 4. November 2023**
**per E-Mail op moienasbl@pt.lu un**
**a sot eis och Bescheed, ob dir mat iesse gitt.**

Moien ASBL freet sech iech op dësem Formateursdag erëmzegesinn.

Denise Heiderscheid
fir de Comité vu Moien - Eng Bréck fir eis Sprooch ASBL

## Festival des Migrations, des Cultures et de la Citoyenneté




No der Covid-Zäit ass de Festival des Migrations 2022 fir d’éischt erëm organiséiert ginn.
D’Moien ASBL huet 2022 an 2023 deelgeholl.
Presencen um Stand 2022: de Gilbert, d’Lydia an d’Denise. 2023 waren et: d’Monique, d’Téodora, d’Gaby, d’Stéphanie an d’Denise.

2022




2023



# E kulturellen Dag am Dall vun de 7 Schlässer

Léif Formateuren an är Famill, Memberen,

**MOIEN ASBL** invitéiert iech ganz häerzlech op
**EE KULTURELLEN DAG AM DALL VUN DE 7 SCHLÄSSER**
e **Samschdeg, den 10. Juni um 9:30 Auer**

PROGRAMM

9:30 Treffpunkt: Parking hannert der Mierscher Kierch
9:40 Visitt vum Site vun der réimescher Villa (10 Minutte vum Parking ewech)
10:10 Visitt vun der Mierscher Buerg
11:00 Rendez-vous beim Méchel op der Méchelsplaz virun der Buerg
Den 1. Stack ass reservéiert fir d'Moien ASBL
Aperitif offréiert vun der Moien ASBL
11:15 **Presentatioun vum Dall vun de 7 Schlässer** mam Gilbert Hoscheid an Denise
12:00 Iessen
14:00 Depart: mam Auto duerch den Dall vun de 7 Schlässer a
**Visitt vum Aansebuerger Schlass**
16:30 Enn vun der Visitt

Erwuessener 30€:
Ham, Fritten an Zalot oder e vegetaresche Plat - ee Gedrénks + Kaffi a Kuch
Kanner 15€:
Burger oder Paschtéit, ee Gedrénks a Glace

Umelldung:
schéckt eis eng E-Mail op moienasbl@pt.lu,
an iwwerweist wgl. 30€ pro Erwuessener a 15€ pro Kand
op de Konto vun der MOIEN ASBL CCP: LU50 1111 7056 8712 0000
***bis spéitstens Enn Mee fir d'Iessen ze bestellen an d'Plazen ze reservéieren.***

Mir freeën eis op äert Matmaachen (gülteg fir de Portfolio)

Fir de Comité

Denise Heiderscheid, Organisatrice
Gaby Muller, Tresorière

**Visitt vum Dall vun de siwe Schlässer den 10 Juni 2023**

Visitt zu Miersch vun der Réimervilla an der Buerg.
Presentatioun vum Dall vun de siwe Schlässer an der Brasserie beim Méchel.

Réimesch Villa zu Miersch





D’Waasserbuerg Miersch





Visitt vum Aansebuerger Schlass





## Invitatioun Generalversammlung

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2023

Léif Memberen,

mir invitéieren Iech op eis uerdentlech Generalversammlung
**E FREIDEG, den 10. November ëm 18:30 Auer**
**am grousse Sall vum CLAE**
26, rue de Gasperich L-1617 Luxembourg

Dagesuerdnung:

1. Begréissung vun der Presidentin
2. Aktivitéitsrapport vun der Sekretärin
3. Rapport vun der Tresorière
4. Rapport vun de Keessekontrolleren
5. Decharge vum Kommitee
6. Wal vun de Keessekontrolleren
7. Deelweis Neiwal vum Kommitee. Memberen, déi austrieden an erëm wielbar sinn:
   Denise Heiderscheid
8. Membere vum Kommitee, déi austrieden:
   Sonja Colling, Gaby Muller, Anne Schwall
9. Kandidatur vun neie Memberen an de Kommitee:
   Chantal Philipp, Stéphanie Sanchez, Nadia Lassine, Jeannine Weis
10. Programm vum 31. Juli 2023 bis den 31. Juli 2024
11. Presentatioun vum Infoblat 2022
12. Fräi Aussprooch
13. Presentatioun a Virliesung vum Auteur Georges Kieffer
14. Schlusswuert vun der Presidentin

Duerno invitéiere mir Iech häerzlechst no der Generalversammlung géint 20.00 op ee Pättchen an de Quadro Delizioso, 24 rue de Gasperich, 1617 Luxembourg.

**Mir wiere frou, wann Dir un eiser Generalversammlung deelhuele këint.**
**Mellt Iech wgl. fir d'Generalversammlung op moienasbl@pt.lu un.**

Dir kënnt dee grousse Parking vum Restaurant nieft dem CLAE (Entrée) benotzen.

Denise Heiderscheid
Presidentin

## E Bléck op eis Lëtzebuergeschcoursen

| **1re SESSION 2023/24** | | | | | **Tarif** |
|---|---|---|---|---|---|
| **lu/me – 18.09 – 11.12.23** | | **ma/je – 19.09 – 12.12.23** | | | **138 € / 46 h** |
| **Code** | **Niveau CECR** | **Horaire** | **Jour** | **Durée/h** | **Lieu** |
| LA-LB-58-23-24 | A1.1 | 09:00 – 11:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-59-23-24 | A1.1 | 18:30 – 20:30 | ma/je | 46 | Athénée |
| LA-LB-60-23-24 | A1.1 | 18:00 – 20:00 | lu/me | 46 | Mondercange |
| LA-LB-61-23-24 | A1.1 | 18:30 – 20:30 | ma/je | 46 | Zoom |
| LA-LB-556-23-24 | A1.1 | 18:30 – 20:30 | ma/je | 46 | Zoom |
| LA-LB-576-23-24 | A1.1 | 09:00 – 11:00 | ma/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-582-23-24 | A1.1 | 18:30 – 20:30 | lu/me | 46 | Athénée |
| | | | | | |
| LA-LB-549-23-24 | A1.2 | 09:00 – 11:00 | ma/je | 46 | Hellange |
| LA-LB-62-23-24 | A1.2 | 09:00 – 11:00 | ma/je | 46 | Zoom |
| LA-LB-63-23-24 | A1.2 | 12:00 – 14:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-64-23-24 | A1.2 | 18:00 – 20:00 | ma/je | 46 | Athénée |
| | | | | | |
| LA-LB-65-23-24 | A2.1 | 09:00 – 11:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-66-23-24 | A2.1 | 18:30 – 20:30 | lu/me | 46 | Zoom |
| | | | | | |
| LA-LB-67-23-24 | A2.2 | 09:00 – 11:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-68-23-24 | A2.2 | 18:30 – 20:30 | lu/me | 46 | Zoom |
| | | | | | |
| LA-LB-72-23-24 | A2.3 | 18:30 – 20:30 | ma/je | 46 | Zoom |
| | | | | | |
| LA-LB-69-23-24 | B1.1 | 09:00 – 11:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-70-23-24 | B1.1 | 17:30 – 19:30 | lu/me | 46 | Zoom |
| | | | | | |
| LA-LB-73-23-24 | B1.2 | 10:00 – 12:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-74-23-24 | B1.2 | 18:30 – 20:30 | ma/je | 46 | Zoom |

| **Cours de conversation 150 € – 50 h / 20.09.23 – 8.05.24** | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| LA-LB-98-23-24 | B2 | 18:30 – 20:30 | mercredi | 50 | Zoom |

| 2e SESSION 2023/24 | | | | | Tarif |
|---|---|---|---|---|---|
| lu/me – 22.01 – 29.04.2024 | | ma/je – 18.01 – 30.04.2024 | | | 138 € / 46 h |
| **Code** | **Niveau CECR** | **Horaire** | **Jour** | **Durée/h** | **Lieu** |
| | | | | | |
| LA-LB-99-23-24 | A1.1. | 12:00 – 14:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-100-23-24 | A1.1. | 09:00 – 11:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-101-23-24 | A1.1. | 18:45 – 20:45 | ma/je | 46 | Zoom |
| LA-LB-102-23-24 | A1.1. | 18:45 – 20:45 | ma/je | 46 | Zoom |
| | | | | | |
| LA-LB-78-23-24 | A1.2 | 09.00 – 11:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-79-23-24 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | ma/je | 46 | Athénée |
| LA-LB-80-23-24 | A1.2 | 18:00 – 20:00 | lu/me | 46 | Mondercange |
| LA-LB-81-23-24 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | ma/je | 46 | Zoom |
| LA-LB-557-23-24 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | ma/je | 46 | Zoom |
| LA-LB-577-23-24 | A1.2 | 09:00 – 11:00 | ma/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-583-23-24 | A1.2 | 18:30 – 20:30 | lu/me | 46 | Athénée |
| | | | | | |
| LA-LB-82-23-24 | A2.1 | 09:00 – 11:00 | ma/je | 46 | Zoom |
| LA-LB-83-23-24 | A2.1 | 12.00 – 14.00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-84-23-24 | A2.1 | 18:00 – 20:00 | ma/je | 46 | Athénée |
| | | | | | |
| LA-LB-85-23-24 | A2.2 | 09:00 – 11:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-86-23-24 | A2.2 | 18:30 – 20:30 | lu/me | 46 | Zoom |
| | | | | | |
| LA-LB-89-23-24 | A2.3 | 09:00 – 11:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-90-23-24 | A2.3 | 18:30 – 20:30 | lu/me | 46 | Zoom |
| | | | | | |
| LA-LB-88-23-24 | B1.1 | 18:30 - 20:30 | ma/je | 46 | Zoom |
| | | | | | |
| LA-LB-91-23-24 | B1.2 | 09:00 – 11:00 | lu/me | 46 | Zoom |
| LA-LB-92-23-24 | B1.2 | 17:30 – 19:30 | lu/me | 46 | Zoom |
| | | | | | |
| LA-LB-93-23-24 | B1.3 | 10:00 – 12:00 | lu/me | 46 | Zoom |

## De Programm vun de Summercoursen

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Service de la formation des adultes

Avec le soutien et la participation financière du Ministère

COURS DE LUXEMBOURGEOIS COURS INTENSIFS D'ÉTÉ 2024
Tarif 135 € / 45 heures
Tarif 138 € / 46 heures
Bon valide accordé par le ministère 10 €
+ 10 € Frais d'administration
Inscription le 1er avril 2024 sur le site www.moienasbl.lu

**COURS INTENSIFS D'ÉTÉ DE MAI À JUIN 2024**

| CODE | NIVEAU CECRL | DATE | JOURS | HORAIRE | DURÉE | LIEU / ZOOM |
|---|---|---|---|---|---|---|
| LA-LB-698-23-24 | **A1.1** | 06.05–10.06 | lu,ma,me,je | 08:30–11:30 | 15 j*3 h | Zoom |
| LA-LB-699-23-24 | **A1.1** | 02.05–11.06 | lu,ma,me,je,ve | 12:00–14:00 | 23 j*2 h | Zoom |
| LA-LB-104-23-24 | **A1.1** | 06.05–07.06 | lu,ma,me,je,ve | 18:15–20:45 | 18 j*2,5 h | Athénée |
| LA-LB-105-23-24 | **A1.1** | 06.05–04.06 | lu,ma,me,je,ve | 18:00–21:00 | 15 j*3 h | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-113-23-24 | **A2.2** | 13.05–14.06 | lu,ma,je,ve | 08:30–11:30 | 15 j*3 h | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-121-23-24 | **B1.2** | 06.05–07.06 | lu,ma,me,je,ve | 09:00–11:30 | 18 j*2,5 h | Zoom |

**COURS INTENSIFS D'ÉTÉ DE JUIN À JUILLET 2024**

| CODE | NIVEAU CECRL | DATE | JOURS | HORAIRE | DURÉE | LIEU / ZOOM |
|---|---|---|---|---|---|---|
| LA-LB-106-23-24 | **A1.1** | 12.06–12.07 | lu,ma,me,je,ve | 12:00–14:00 | 23 j * 2 h | Zoom |
| LA-LB-107-23-24 | **A1.1** | 17.06–10.07 | lu,ma,me,je,ve | 18:15–20:45 | 18 j * 2,5 h | Athénée |
| LA-LB-108-23-24 | **A1.2** | 12.06–12.07 | lu,ma,me,je,ve | 12:00–14:00 | 23 j * 2 h | Zoom |
| LA-LB-109-23-24 | **A1.2** | 12.06–12.07 | lu,ma,me,je,ve | 18:30–20:30 | 23 j * 2 h | Zoom |
| LA-LB-110-23-24 | **A1.2** | 12.06–12.07 | lu,ma,me,je,ve | 18:30–20:30 | 23 j * 2 h | Athénée |
| | | | | | | |
| LA-LB-111-23-24 | **A2.1** | 03.06–21.06 | lu,ma,me,je,ve | 08:30–11:30 | 15 j * 3 h | Zoom |
| LA-LB-112-23-24 | **A2.1** | 12.06–12.07 | lu,ma,me,je,ve | 18:30–20:30 | 23 j * 2 h | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-114-23-24 | **A2.2** | 12.06–11.07 | lu,ma,me,je | 18:15–20:45 | 18 j * 2,5 h | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-115-23-24 | **A2.3** | 10.06–10.07 | lu,ma,me,je,ve | 12:00–14:00 | 23 j * 2 h | Zoom |
| | | | | | | |
| LA-LB-119-23-24 | **B1.1** | 12.06–12.07 | lu,ma,me,je,ve | 09:00–11:00 | 23 j * 2 h | Zoom |

## Wichteg Linken zur Lëtzebuerger Orthografie

Lëtzbg Ortho-Trainer https://ortho.lod.lu/

lod.lu Lëtzebuerger Online Dictionnaire https://lod.lu/

SCHREIF MASCHINN .LU https://schreifmaschinn.lu

Spellchecker.lu https://spellchecker.lu/online-checker/

ZLS https://portal.education.lu/zls/ORTHOGRAFIE

https://www.verben.lu

https://llo.lu/lu/ Léier Lëtzebuergesch online

CPLL Conseil fir d'Lëtzebuerger Sprooch
Iwwerbléck iwwer d'Ännerungen

**RTL-Dictée am Kader vun de Walfer Bicherdeeg 2023**




D'Walfer Bicherdeeg sinn den **18. an 19. November** a stinn déi Kéier ënnert dem Motto **„D'Welt zielen, d'Welt liesen."**

## Dictée op Lëtzebuergesch

# Verzielt, verwielt

Wann den Algorithmus aus dem Rhythmus kënnt, kréien d'Rhetoriker Rheuma an d'Etymologen drénke Rumm/Rhum. Well dann huet déi lous KI näischt Besseres ze dinn, ewéi Fakenews zum Beschten ze ginn. Esoubal hir Donnéeën nämlech e Biais hunn, sinn hir Resultater gären ze wäiss, ze al, ze männlech, vläicht misogyn oder verwielegt, iergendwéi toxesch oder tockskäppeg. De Plakkapp aus dem Oste géif sech freeën, nondiflätsch, dee mam Widderbuuscht am Weste laacht sech eng Boss, herrjeeminee. Géifen/Géife se dach alle béid nëmmen den Diks geriicht kréien a wéi sou munch aner gelicht ginn, déi vulleparlamentwierdeg/vulleparlament-wierdeg/Vulleparlament-wierdeg/ vulle-parlament-wierdeg/ Vulle-Parlament-wierdeg Kreaturen.

Dat éissegt Gedicht staamt vum Dicks, deem säin zweehonnertste Gebuertsdag mer 2023 celebréiert/zelebréiert an iwwerdeems eng nei Chamber gewielt hunn. E sëllege Kandidaten a Kandidatinne kruten dobäi eng ferm/Ferm gedikst. Wann s de se gesinn häss! D'Billjeeë ware schëtzeg gepëtzt an d'Portefeuillë matzäite/mat Zäite verdeelt. Wéi fannt Dir dat? Sidd roueg kriddeleg!

vum Luc Marteling

## Resultater vun der lëtzebuergescher Dictée

1. Plaz: Alain WAGNER (5 Feeler)
2. Plaz: Marie-Thérèse HULTEN-NIMAX (8 Feeler)
3. Plaz: Jil LEYDER & Marie-Line MULLER (10 Feeler **ex aequo**)

Bei de Promien huet d'Jackie MESSERICH am beschten ofgeschnidden.







## Trainéiert Är Schreifweis.

# Trainéiert Är Schreifweis

Schreift eng Dictée (oder en Diktat, wann Der wëllt ;-)) a loosst se automatesch korrigéieren. Op dësem Site gëtt déi aktualiséiert a komplettéiert Orthografie vum November 2019 applizéiert. Bei der Verbesserung gi variabel Schreifweise mat engem / gewisen; dës betrëfft och Fäll vun der n-Reegel, an deenen den n fakultativ ka stoe bleiwen.

Lëtzebuergesch Dictéeën (uni.lu) Klickt op dëse Link


**Wielt eng Dictée aus**
Dir kënnt d'Dictéeë lauschteren a matschreiwen. Duerno ginn Är Feeler gewisen.
**Dictéeën, déi op der Uni Lëtzebuerg fir d'Evaluatiounen a Coursen agesat ginn**
**Walfer-Dictéeën aus de Joren 2005 bis 2018**
Merci un de Jemp Schuster an RTL fir d'Erlabnes, d'Texter hei rëm anzesetzen. D'Dictée selwer ass an eisem Institut nei enregistréiert ginn.

### 100 Sätz fir ze diktéieren

Déi follgend „100 Sätz fir ze diktéieren" sinn aus dem Josy Braun sengem Léierbuch *Eis Sprooch richteg schreiwen* (Oplo vun 2009) iwwerholl. Nëmme ganz vereenzelt goufe Wierder ausgetosch oder liicht ugepasst.
An dëse Sätz sinn deelweis ongewéinlech oder vereelzte Wierder, déi besonnesch hëllefräich sinn, fir d'Orthografie bewosst ze léieren.
Déi eenzel Sätz ginn absichtlech lues virgelies, fir beschtméiglech matschreiwen resp. mattippen ze kënnen.




Den **ZLS** stellt de fënnefte Band vun der Serie „Lëtzebuerger Wuertschatz" vir, an deem sech alles ëm d'Jéinescht dréit: **„Kuff d'Schmull an dibber nobes!"** erkläert 117 quant jéinesch Wierder.





Fir de Minister Claude Meisch stellt dem Alain Atten seng Aarbecht e Meilesteen fir d'Lëtzebuerger Sprooch duer. De Jean Ensch, President vum IGD-LEO, geheit e Bléck op d'Geschicht vun de Sproochekaarten zu Lëtzebuerg an den ZLS-Direkter Luc Marteling retracéiert d'Entsteeungsgeschicht, och déi rezent, vum neie Sproochatlas, bei där e sëllege Leit an Institutiounen eng Hand mat ugepaakt hunn. Den Alain Atten geet a sengem Fuerschungsbericht „Al-Lëtzebuergesch" (op Däitsch) ënnert anerem op „Arbeitsweise", „Sprachproben", „Mundarträume" a „Kartenbilder" an a sträift och d'Fro: „Hoch- oder Neuluxemburgisch?".
No den Aleedungstexter kommen eng Iwwersiicht iwwer de Gebrauch vun de Lautzeichen am Atlas (an de Kaartelegende gëtt mam internationale phoneeteschen Alphabet IPA geschafft), eng Etymonelëscht mat der Geschicht vun den ofgefrote Wierder an eng Grondkaart mat sämtleche Beleeguerter. Esou eng gëtt et och um hënneschten Deckel vum Buch, déi ee bequeem kann ausklappen, datt se nieft de Kaarte läit.
Den eigentlechen Atlas besteet aus 568 Dialektkaarten, aus zwou Koinè-Kaarte mam duebele Versuch vun enger Synthees an – als Ausbléck – zwou Wuertkaarten: „Bachstelze" (Panewippchen) an „Eidechse" (Edres). De Band 2 vum Lëtzebuerger Sproochatlas 1900, mat deem elo ugefaange gëtt, konzentréiert sech op esou Wuertkaarten, déi d'Verbreedung vu bestëmmten, regional gebrauchte Wierder duerstellen (z. B. Päiperlek, Pimpampel, Millermoaler ...). Den Ofschloss maachen eng Bibliografie mat méi ewéi 700 Referenzen an en Uertsnimm-Regëster an dräi Sproochen, esou datt jiddereen dat fënnt, wat e sicht, egal a wéi enger Sprooch e sicht.

**Äre Schreifassistent fir d’Lëtzebuergescht www.saz.lu**

**www.saz.lu  Äre Schreifassistent fir d’Lëtzebuergescht**
https://saz.lu/ — Tippt Är Wierder an, fir éischt Resultater ze gesinn. Klickt op d’Zännrad, fir Är Sichoptiounen anzestellen! Fir den Ament schafft Saz.lu mat follgende Quellen:

**www.saz.lu  Pour apprendre et corriger le luxembourgeois en ligne**
17.04.2023 Le Républicain Lorrain — Saz.lu, c’est aussi un correcteur avec analyse d’erreurs qui permet d’entrer un texte jusqu’à 2500 mots et d’obtenir une version corrigée.

**www.saz.lu  Your new writing assistant in Luxembourgish**
19.04.2023 today.rtl.lu — Jérôme Lulling and Emanuele Prestifilippo have developed a Luxembourgish writing assistant and website called saz.lu.



Die Warte 10/23

### Description

Saz.lu ass Äre Schreifassistent fir d’Lëtzebuergescht. Mat Saz.lu fannt Dir lëtzebuergesch Beispillsätz op eng séier an einfach Aart a Weis. Dës Beispillsätz stamen aus enger Rei vun Artikelen an Datebanken, déi ëffentlech zougänglech sinn.

Saz.lu wëll Iech mat dëse Beispillsätz beim Verfaasse vun Ären Texter hëllefen an inspiréieren. An der Linguistik gi sou Assistenten och nach als Concordancier bezeechent, déi engem de Kontext vu bestëmmte Wierder uweisen.

Iddi an Entwécklung: Emanuele Prestifilippo
Linguistesch Berodung: Jérôme Lulling

Tippt Är Wierder an, fir éischt Resultater ze gesinn.
Klickt op d’Zännrad, fir Är Sichoptiounen anzestellen!

Fir den Ament schafft Saz.lu mat follgende Quellen:

- lod.lu
- lb.wikipedia.org
- exercice.lu
- rtl.lu
- stemm.lu
- gouvernement.lu
- 100komma7.lu
- eldo.lu
- chd.lu

# E kulturellen Nomëtteg am Club Eist Heem

## Beim Dicks

Mir sëtzen op der Terrass vum Bistro „Beim Dicks" um Knuedler. Et ass Maart. Zwee Schnëssbattien braddelen iwwer Land a Leit an passend dozou ginn Lidder vum Dicks gesongen.

D'Lidderuucht Lëtzebuerg

**Presentéiert**

## Beim Dicks

**vum Cl. HORNICK**

Lidderuucht Lëtzebuerg
A.S.B.L.

52, Ginzestrooss
L-1621 Lëtzebuerg
tél. 48 03 63

WWW.lidderuucht.lu

**Leedung : Claude HORNICK**

**Brëttelspiano : Ersfeld Marguy**
**Marnach Mike**




## *Beim Dicks*

*Ouverture „Dicksiana"*
*D'Kadette vun der Sprëtz*
*Bréngt ons Wuermeldénger hier*
*Dat elei an dat elo*
*Hexemeeschter*
*An ech wor a ville Länner*
*D'Rousen*
*Gëff mer eng Bees*
*Meng Freiesch*
*Schéi Kanner gëtt schéi Brauten*
*A wann e Freier*
*„'t ass alles gutt gaangen"*
*Op d'Klappjuegd*
*O jennen*
*De Kanonéier*
*D'Lëtzebuerger Land*
*Et wor e Meedchen zu Gëtzen*
*Fir wat soll ech mech net bestueden*
*Sidd e Giertner*
*D'Pierle vum Da*
*Hu dir lo hei*
*Léif Gefuedesch*
*D'Fëscher an Jeeër*



## Retrospektiv 2022 – 2023

**1. Sessioun (Schouljoer 2022–2023)**
21 Coursë vu September bis Dezember
**2. Sessioun (Schouljoer 2022–2023)**
22 Coursë vu Januar bis Mee
**Summer-Intensivcoursen**
16 Coursen am Mee, Juni a Juli 2023
**Conversatiounscours**
50 Stonnen iwwer Zoom, 19.09.22–17.04.23
**Orthografiescours**
10 Stonnen zu Bierchem, vum 27.10.22–08.12.22

**Kommiteessëtzungen**
1. Kommiteessëtzung de 6. Januar 2023
2. Kommiteessëtzung de 25. März 2023
3. Kommiteessëtzung den 9. Juni 2023
4. Kommiteessëtzung de 4. Juli 2023
5. Kommiteessëtzung den 22. September 2023

**Generalversammlung**
den 10. November 2023 um 19:00 Auer am Sall vum CLAE Gasperech.
Nei Kommiteesmemberen: Chantal Philipp, Stéphanie Sanchez, Nadia Lassine, Jeannine Weis.

**Éischt Kommiteessëtzung fir 2023–2024**
Verdeelung vun de Posten an Tâchen

**Participatioun um 40. Festival des Migrations de 25. a 26. Februar 2023**

**Visitt vum Dall vun de siwe Schlässer den 10. Juni 2023**
Visitt zu Miersch vun der Réimervilla an der Buerg. Presentatioun vum Dall vun de siwe Schlässer an der Brasserie beim Méchel. Nomëttes Visitt vum Aansebuerger Schlass.

**Kulturellen Nomëtteg am Club Eist Heem de 14. Oktober**
Mat engem Concert „Beim Dicks“ vun der Lidderuucht Lëtzebuerg fir dem Edmond de la Fontaine genannt Dicks seng 200 Joer.

**35. Formateursdag mam Jeannine Weis den 11. November 2023**
Virstellung vu sengem Buch „Wat ass geschitt?“ Band 1 mat uschléissendem Workshop.
Coaching: Léiere mat alle Sënner

# Merci

fir Äert Engagement,
Är wäertvoll Mataarbecht
an Är Begeeschterung fir eis ASBL!

## Inhaltsverzeichnis


**Infoblat 2023** ........ 1
**Abléck an d'Aarbecht vun der Moien ASBL** ........ 2
**Schouljoer 2022–2023** ........ 4
**Formateure vun dësem Schouljoer** ........ 4
**35. Formateursdag** ........ 7
**36. Formateursdag** ........ 8
**Festival des Migrations, des Cultures et de la Citoyenneté** ........ 9
**E kulturellen Dag am Dall vun de 7 Schlässer** ........ 10
**Invitatioun Generalversammlung** ........ 13
**E Bléck op eis Lëtzebuergeschcoursen** ........ 14
**De Programm vun de Summercoursen** ........ 16
**Wichteg Linken zur Lëtzebuerger Orthografie** ........ 17
**Dictée op Lëtzebuergesch** ........ 18
**Resultater vun der lëtzebuergescher Dictée** ........ 19
**Trainéiert Är Schreifweis.** ........ 19
**E kulturellen Nomëtteg am Club Eist Heem** ........ 22
**Retrospektiv 2022 – 2023** ........ 23
**Merci** ........ 24
**Inhaltsverzeichnis** ........ 24